



Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 06/08/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministère fir Bannenzeg Sécherheet, Verdeedegung, Mobilitéit & Wirtschaft weiderzeleeden.**

Am Juni 2021 ass e Bericht verëffentlecht ginn, an deem d'amerikanesch Geheimdéngschter iwwer Siichtunge vun "Unidentified Aerial Phenomena" tëscht de Joren 2004 an 2021 beriichten. Fir iwwer honnert Himmelsphenomener aus dëser Zäitspan konnt keng definitiv Erklärung fonnt ginn. Et kéint sech em futtis Wiederballonen, Dronen, Villercher oder och einfach opgewirbelten Offall handelen, mee och natierlech atmosphäresch Phenomener kéinten als Erklärung a Fro kommen. Technologiesch an/oder militäresch Neientwécklungen (och aus dem Ausland) kéinten och e Grond fir déi net-identifizéiert Siichtunge vun "Phenomener" sinn a schlussendlech kéinten des Phenomener dem Pentagon no als 5. méiglechst Origine och eng „*non-governmental entity*“ (= Net-Regierungs-Entitéit) sinn.

De Fait, dass trotz moderne Radar- a Satellittesystemer ëmmer nach Objeten um Himmel net identifizéiert kënnen ginn, ass och e Problem mat sécherheetspolitescher Envergure.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Huet d'Lëtzebuerger Regierung den amerikanesche Bericht gelies?  
(<https://www.dni.gov/files/ODNI/documents/assessments/Preliminary-Assessment-UAP-20210625.pdf>)  
Wat fir Konklusiounen zéien d'Ministeren aus dësem Text?
2. Ginn och zu Lëtzebuerg "Unidentified Aerial Phenomena" observéiert, voir registréiert?  
Falls jo, a wéi engem Zäitraum?  
Wéi vill goufen der Säit den Opzeechnunge pro Joer gezielt?  
Wat fir e(n)g Ministär(en) sin zoustänneg fir d'Opzeechnungen a gëtt et eng offiziell Ulaafstell, fir esou Phenomener ze notéieren an ze analyséieren - esou wéi a Frankräich z.B. de „Groupe d'étude et d'information sur les phénomènes aérospatiaux non-identifiés“ ([www.cnes-geipan.fr](http://www.cnes-geipan.fr))?



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)

3. Huet oder wäert de Risiko vu Kollisiounen am Fluchverkeier wéinst "Unidentified Aerial Phenomena" en Afloss op d'Reglementatiounen fir de lëtzebuergesche Fluchverkéier hunn?
4. Huet de Rapport en Afloss op d'Reegelen fir Weltraumaktivitéiten an/oder op d'Uschafung vun Equipementer fir Weltraumaktivitéiten an déi Lëtzebuerg z. B. iwwert Satellitprojeten involvéiert ass?
5. Wéi bezeechent d'Regierung "Unidentified Aerial Phenomena" op Lëtzebuergesch, wëssend, dass den däitsche Begrëff vum "unbekanntem Flugobjekt" méi restriktiv ass an esou z. B. Wiederphenomener net mat aschléisst?

Mat déiwem Respekt,

---



CLEMENT Sven  
Député

